__Emnert der Nazifuchtel 1940 - 1945 An de Klauen vun den Nazischergen.__

Durech feige Verrod si Si an d'Hänn vun der Gestapo geroden, wat dat fir dës ongléckiech Affer bedeit huet wat dës onschëlleg Mënschen durech déi eiskal Preisechmënscheschënner hu misste matmaachen a leiden dat soll an desem artikel esou gutt wéi méiglech zum Ausdrock kommen.

Si woren Patrioten, Patriotinnen, Resistenzler, Resistenzlerinnen, Lëtzebuerger vu Kapp bis Fouss. Fir Gustav Simon, Kratzenberg, déi Giel, déi Brong woren si Mënschen zweeter Klass, en Dreck, si gouwe behandelt, wéi Stécker Véi, wéi Wouscht, a sollten all ausgemäerzt gin.

Durech hannerlechteg Verréider, fir Judasloun sin an den Nazijoeren zech Schefflenger Bierger a Biergerinnen an d'Klauen vun der Gestapo komm a geroden, an der Villa Seligmann Esch/Uelzecht, Villa Pauly Lëtzebuerg si si a Verhéier an durech d'Foltermillen gedréint gin, hu Gestapo Metoude kennegeléiert an erfueren dës Verhéier sin mat Fouss Fauscht, Gummiknëppel, Fareschwanz geféiert gin an hun geëndegt mat Blessen, Knuppen, bloen Aen ewéi geschënte Glidder asw. No dëse Schikanen, Torturen goung et weider an déi berühmten Hell vun Hinzert, oder Dachau, Buchenwald, Natzweiler, Mauthausen, Ravensbrück, Ausschwitz oder a soss e Vernichtungslager, wat séier oft d'Ennstatioun war vun éngem aarmen bedauernswäerte bis zum Blutt gepéngeschte Liewens-wiesen. Trotz Sklaverei, Zwangsaarbecht, Folter, Tortur, Schikanen a Waasser zoppen ass dës schreckenszäit eriwwer an zu Enn gaangen. No Hoffen, Baangen, Zidderen, Waarden, no onendlech laange schwaarzen Nuechten, Deeg, Wochen, Meint esou guere Joere gezeechent vu Leed a Quale gouwe si erléisst, hu si d'Fräiheet erëm kritt, hu si hir Hemecht erëm gesin, déi Hemecht woufir si esou villes gelidden hun. Haut no 40 Joer leiden nach séier vill vun d"esen Affer ënnerlech, nervlech, moralesch ewéi u Gebriechen, si si gezeechent bis zu hirem Liewensënn, alles dat durech Verbriecher, Mäerder, Mënscheschënner durech Nazi Hitler-däitschland. Fir wat, wou fir hu si all esou misse leiden, vill hiirt Liewen loossen, si wollte bleiwe wat si sin, si wollte keen Zwang,

keng Sklaverei,keng Diktatur, woren géint Krich,si woren fir Fräiheet Recht a Fridden,fir ee Lëtzebuerg, eng Hemecht wou de Mënsch nach Mënsch wor, woud'Mënscherechter an Demokratie héich gehalen an respektéiert gouwen.Hir Devise wor Lëtzebuerg de Lëtzebuerger,trei, fräi, léiwer riicht stierwen ewéi gebéckt liewen.

<u>d'Nimm vun den Schëfflénger Affer:</u>

Aulner Robert, Adamy Vally,Adam Hans, Arensdorff Nic, Arensdorff Raym. Baum Demy,Becker Gaby,Becker Antoine,Bertemes Jäng, Boullanger Jules, Briestiel Ferd, Bristiel Léon, Biren Eugene,Biren Alphons,Binsfeld JP, Cornelius Nic,Cattivelli Jean,Clesen Pierre,Clesen René,Zettiga Roger, Charpentier Nestor,Decker Jos,Decker Frinn,Engel Aloyse, Engel Marcel, Fellten Jacques, Franz Emile,Fetler J, Fournelle Jean,Fousenig Marcel, Fousenig Pierre,Mme Godfroid L, Melle Godfroid Lotty,Godfroid Hubert, Goergen J,Haas Pierre, Haas Marcel,Haas Vicky,Haas Jos,Hertert JP, Hilgers Henri,Jung Paul, Jungers JP, Kayser Jos,Kayser Camille, Kaufmann René,Mme Kremer-Büdgenbach, Mme Lang Pull, Melle Lang Butz, Mauritz Bub, Mousel Frinn,Michels Jos ,Marx Franci,Michels Germaine, Netgen Denis,Mme Parrasch Fras,Parrasch Fras,Melle Parrasch Lisy, Pleim Willy, Rosseljong Marcel, Rumé Nicky,Mme Simon Pull,Schmit Hary, Schmit Jängy,Schmit Fréd, Schartz Jängy,Schweitzer Jos,Steinmetz Léon, Stolz Metty,Speicher Marcel, Thommes Victor,Mme Thommes Bernard, Mme Weyrich Alphonse,Weber Nic,Wolter Willy, Wester Aloyse, Wester Rob, Wingert Albert,Weber Alphonse,Wesqué......

Als Undenken e Gedicht vum Schëfflénger Paschtouer dem Här Jos Keup deen den 5.Abrëll 1981 am Alter vun 90 Joer zu Echternoch gestuerwen ass. Hie wor e Schefflénger deen den 1.Juni 1917 séng Primiz gefeiert huet an den 23.Juli 1967 säi gëllent Priister-jubiläum zu Scheffléng gefeiert huet. Vun 1942 bis 1945 wâr hien am KZ zu Hinzert an zou Dachau.Seng Frënn hun hien einfach de Monni JOS genannt wëll en séng lescht Kuuscht ewech gin an sech fräiwëlleg fir déi schwéierst Kommandoë gemellt huet......

Gedicht läit bäi ..............